N°7766
Entrée le 17.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Här Minister fir Immigratioun an Asyl op d'parlamentaresch Ufro N°7766 vum 14. Mäerz 2023 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

**1) Wéi vill Gardien ginn am Schnëtt bei engem Site vum ONA agesat?**

Et sinn aktuell 150 Gardienen op 53 vu 66 Site verdeelt (dat ass eng Moyenne vun 2,27 Gardiene fir all Site).

**2) Op wéi engem Foyer ginn déi meeschte Gardienen agesat a wéi vill Persoune sinn et? Op wéi engem déi mannsten a wéi vill Persoune sinn et?**

D'Zuel vun de Gardienen ass proportional zu der Gréisst, Kapazitéit a Komplexitéit vum Site:

- Déi meeschte Gardienen ginn agesat an der Struktur "Kirchberg 90" mat 16 Gardiene fir Stand haut 900 Leit.
- 15 Ënnerkonftsstrukturen hu guer keng Gardienen.

**3) Wéi vill Gardiene solle bis 2024 bäikommen?**

Dëst wäert vun den Ouverture a Fermeture vun de Sitten an de nächste Joren ofhänken. An der Reegel probéiert den ONA fir all Struktur wou ob mannst 30 Persoune ënnerbruecht sinn e Gardien um Site ze hunn. Ab 100 Persounen soll en zweete Gardien derbäi kommen. Dëse Schlëssel hänkt allerdéngs och dervun of wéi d'Gebaier konfiguréiert sinn (wéi vill Personal een z. B. fir eng Evakuatioun brauch) a wéi vulnerabel d'Persoune sinn déi do ënnerbruecht sinn.

**4) Wéi vill Gardiene solle bis 2027 bäikommen?**

Idem Äntwert 3.

**5) Wat sinn d'Aufgabe vun de Gardiene bei de Foyeren?**

D'Aufgabe vun de Gardienen enthale folgend Beräicher:

- Receptioun an Zougangskontroll (den Accueil vu neien Awunner an Zouweisung op hier Zëmmeren, Lëscht vun all Entréeën a Sortien an de Strukturen, Verwaltung vum Zougang op de Parking, asw.)
- Administratioun vun der Ënnerkonftsstruktur (Anhale vum règlement d'ordre intérieur, Gestioun vu verschidde Stocken asw.)

- Technesch Kontrollen (Iwwerwaachung vun allen techneschen Installatiounen, suivi vu Maintenance-Aarbechten, asw.)
- Sécherheet (deeglech Tester vun all de Sécherheetsgeräter, Iwwerpréiwung vun Noutausgäng, Mediatioun am Fall vun engem Konflikt, asw.)
- Hygiène (Iwwerwaachung a Suivi vu Botzpläng, Konformitéit mat sanitäre Moossnamen, asw.)
- Administrativ (Aktualiséierung vun Awunnerregisteren, Ausschaffe vun deegleche Berichter, Bestellung vu Wueren, asw.)

**6) Op wéi ville Sitten huet d'ONA Persounen ënnerbruecht an op wéi vill vun dëse Sitte gi Gardienen agesat?**

Aktuell huet den ONA 66 Ënnerkonftsstrukturen an et ginn op 53 Sitte Gardienen agesat.

Lëtzebuerg, den 14 Abrëll 2023

Minister fir Immigratioun an Asyl

(s.) Jean Asselborn